N°2531
Entrée le 27.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 8 |
| --- | --- |
| Référence : 433/25 | |
| 07 JUIL. 2025 | |
| A traiter par | |
| Copie à | |

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden:

„A Frankräich huet eng Studie festgestallt, datt et a Glieseflässche méi Plastikpartikele géif gi wéi a Plastiksfläschen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz follgend Froe stellen:

- Gëtt et och hei zu Lëtzebuerg rezent Erkenntnisser zu dëser iwwerraschender Annonce?
- Wat kann d'Madamm Ministesch zu eventuelle Plastikpartikelen a Lëtzebuerger Mineralwaasser soen? Ginn et do reegelméisseg Kontrollen? Wa jo, wat hunn dës erginn?
- Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch dësen Dossier ze begleede fir datt de Schutz vun de Konsumenten deen héchstméiglechen ass?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2531 vum 27. Juni 2025 vum éierewäerten Députéierten André Bauler**

1. **Gëtt et och hei zu Lëtzebuerg rezent Erkenntnisser zu dëser iwwerraschender Annonce?**

Och wann dës Erkenntnis op den éischte Bléck iwwerraschend ass, geet aus der Etüd eraus, dass de Problem haaptsächlech duerch d'Faarf vun de Stëpp aus Metall kéim, déi bei Glasfläschen agesat ginn. Duerch d'Reiwung vun deene Stëpp bei der Lagerung, kéinten sech Mikroplastik-Partikele léisen an sou am Waasser landen.

Aus der Etüd geet och eraus, dass d'Kontaminatioun am Waasser relativ geréng ass, onofhängeg vum Material vun der Fläsch.

Aktuell hu mir zu Lëtzebuerg keng spezifesch Donnéeën iwwer Mikroplastik a Liewensmëttel, engersäits well et keng Routine Analysen gëtt, an anerersäits well mer keng Gesetzgebung an deem Beräich hunn zu Lëtzebuerg. Mir baséieren eis op déi aktuelle verfügbar wëssenschaftlech Bewäertungen, wéi zum Beispill d'Infoblat an d'FAQ vum Bundesinstitut für Risikobewertung (BfR).

https://www.bfr.bund.de/mitteilung/mikroplastik-im-gehirn-bfr-bewertet-neue-studie-bislang-keine-hinweise-auf-gesundheitliche-risiken/

2. **Wat kann d'Madamm Ministesch zu eventuelle Plastikpartikelen a Lëtzebuerger Mineralwaasser soen? Ginn et do reegelméisseg Kontrollen? Wa jo, wat hunn dës erginn?**

Bis ewell si keng Analysen op Plastikpartikelen a Lëtzebuerger Mineralwaasser gemaach ginn. Momentan sinn och keng Analyse geplangt. D'Etüd vun der ANSES weist mat de Stëpp op eng potentiell Source vu Mikroplastik hin. Hei kann d'Industrie relativ liicht Mesuren huelen, zum Beispill duerch Botzprozeduren fir Metallstëbs ze eliminéieren, deen duerch d'Reiwung vu Kapselen wärend der Lagerung entsteet, Lagerungsbedéngungen oder d'Kompositioun vun der Faarf di fir d'Stëpp benotzt gëtt.

3. **Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch dësen Dossier ze begleede fir datt de Schutz vun de Konsumenten deen héchstméiglechen ass?**

D'Erkenntnisser aus der Etüd vun der ANSES kënne benotzt ginn bei den offiziellen Kontrollen a Lëtzebuerger Betriber di vun dëser Problematik kënne betraff sinn. Sou kann iwwerpréift ginn wéi eng

präventiv Mesuren en place sinn fir eng Kontaminatioun mat Mikroplastik ze verhënneren (i.e. Botzprozeduren, Lagerunsbedéngungen an Faarfkompositioun vun de Stëpp).

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau